Mir bauen eng Blummepress

Moie Kanner!

Haut baue mir eng Blummepress mam Nicole. Eng Blummepress ass ganz flott fir gesammelt Planzen ze dréchne fir zum Beispill en Herbarium ze maachen oder fir domadder eppes Flottes ze bastelen.

Fir eis Blummepress brauche mir dir follgend Material:

Material

- 2 Stécker Holz 8mm 25x25
- 4 Schrauwe mat Fliggelmudderen a 4 Ennerleescheiwen
- Kartrong a Pabeier
- Eng Buermaschinn mat Buerer passend fir d'Schrauwen

Hei Schrëtt fir Schrëtt d'Erklärung wéi mir eng Blummepress bauen:

• Mir bueren op all Eck e Lach an eis Holzplacken.

• De Kartrong an de Pabeier schneide mir op déi selwecht Gréisst eraus. Fir dass mir d'Holzplacke kënnen zesummeschrauwen, musse mir d'Ecker vum Kartong a vum Pabeier ewechschneiden. Mir schneide 4 Stécker Kartrong an 8 Stécker aus Pabeier.

• Fir eis Press ze fëllen, leeë mir fir d'éischt eis Plack aus Holz dohin. Op d'Holz leeë mir dann 1 Kartrong. Op de Kartong leeë mir 1 Blat Pabeier An dann op d'Blat Pabeier eis Blummen a Blieder, dann erëm Pabeier op d'Blummen. Op de Pabeier nees e Kartong, e Blat Pabeier, eis Blummen e Blat Pabeier, an ëmmer esou weider.

• Zum Schluss rëm eis Plack Holz, dat mir da mat de Fliggelmuddere festschrauwen.

Lo braucht dir e bëssi Gedold. No e puer Deeg sinn d’Blummen dréchen.

Vill Spaass beim nobauen! An bléift dobäi bei SICONA kids!

Är SICONA- Kids Guiden